Freux bei Libramont an der Belscht

Dëst Joër wor et eemol erëm éng Kéier esouwäit, mir woren zu énger siewenzéng Méckenfëscher vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg op Freux an d´Belscht gefour fir do zesummen mat der Méck ze fëschen. Mir haten eegens am Kader vum Komité decidéiert fir dës Sortie dëst Joër schon am Juli anzeplangen ewell et am August oft ze woarm wor fir kënnen op dësem Séi ze fëschen. Dofir hun mir dann och eis Summer - Sortie op Sommedieue an den August eran verluecht, an Plaz vun Freux, ewell een zu Sommedieue, bedéngt duurch dat kaalt Waasser, ëmmer fëschen kann an dat esouwuel am Summer ewei och am Wanter.

Mir haten eis also Rendez – vous gin zu Freux fir ënnert Fëscherkollegen een flotten Dag ze verbréngen. Moies wor den Himmel nach bewölkt an doduurch bedéngt wor et dun och relativ frësch zeemols ewou dach een strammen Wand gebloosen huet mée Mëttes ass den Himmel opgaangen an Temperaturen sin deementspriechend an d´Luucht gaangen.

d´Fësch woren relativ rar geséint och wann ganz schéin Fësch besat woren, an et konnt een sécher sin dass wann ee Fësch ungebass hat, dann wor et och een ganz Décken. Mée d´Fëscher hun verzweiflet no der richteger Méck gesicht. d´Méck vum Dag wor unzweifelhaft den schwaarzen Streamer deen mat der Sinkschnouër gefëscht an ganz lues iwwert den Fong erangezun dann och den meeschten Erfolleg bruecht huet. Dodernieft woren et awer och den Luss an den Jemp déi mam Boot erausgefuer woren déi am meeschten Chance haten ewell Sie mam Boot méi flexibel d´Plazen konnten unsteieren ewou d´Fësch sutzen. Sie hun dann och relativ gudd gefaangen ewoubäi een awer bei deenen anneren Fëscher der vill mat laangen Gesichter gesin huet. Esou wor dann och d´Stëmmung iwwert dem Fëschen relativ verhalen waat sech awer séier geännert huet ewei eisen Präsident den Jeek den Grill ungefaangen huet. Nun ass d´Stëmmung explosiounsarteg an d´Luucht gaangen an op Manst fir éng gudd Zäit hun mir net méi un d´Fësch geduecht déi eis d´Liewen dach esou schwéier gemeet hun.

Mëttes hun mir et dun nach éng Kéier, déck zeffriden an gudd gesiedegt, mat den Fësch opgehol mée d´Fëscherei ass och dun nach net besser gin. Et sin erëm nëmmen vum Boot aus ee puer Fësch gefaangen gin ewoubäi déi meeschten Fëscher et vun Land aus ganz schwéier haten an och deementspriechend Näischt gefaangen hun. Dat huet mat sech bruecht dass um fënnef Auer déi meeschten Fëscher sech schon anfond haten fir bei éngem gudden Patt ze kloën ewell esou richteg zeffriden mam Fëschen konnt een Haut wirklech net sin. Den Luss hat et dësen Dag dann och besonnesch schwéier getraff, hat Hien och nach dobäi mat Zänn wéih ungefaangen an mat nach méih Zänn wéih opgehalen. Jee och esou Deg muss een iwwerstoën wann een zum Stamm vun eisem Club wëll gehéieren, mée dofir freën mir eis elo schon op déi nächsten Sortie déi eis den 3. August bei den Bruno op Sommedieue féiert.